

INFO

Lëtzebuerg, den 09 Juli 2024

Temps partiel

Treffen mam Chef de Service a mam Chef de Division

Den 09 Juli huet sech eng Delegatioun vum Syndikat Eisebunnen FNCTTFEL/Landesverband besteeënd aus dem Dionisio BATTISTA, Jérôme TRAUSCH, Henri KLEIN, Georges MELCHERS, Patrick VANSTEENKISTE a Josy BOURGGRAFF mam Chef de Service, Serge DAEMS a mam Chef de Division ACCOMPAGNEMENT DES TRAINS, Quentin Fressigné getraff fir iwwer déi **praktesch Ëmsetzung vun de néie Reegelen fir den Temps partiel** ze diskutéieren.

De Service AV huet fir sämtlech Roulementen, **Tableau mat 100%, 80%, 75% a 50% Service** elaboréiert.

Et ass geplangt dass **d'Ëmsetzung vun desen Roulemente**, mat 100%, 80%, 75% a 50% Service, mam **Fuerplangwiessel 2024/25** soll wirksam ginn.

Bei eise Treffen haut mat de Responsable vum AV ass uitgemaach ginn, dass **alleguer Léit** déi am Moment en **Temps partiel** hunn, **vum AV kontaktéiert ginn**, **fir gemeinsam** déi **bescht méiglech Léisung** zu fanne wat hiren **zukünftigen Roulement** ugeet.

Wichtig ass et ze soen dass déi Responsable eis ze verstoe ginn hunn dass probéiert gëtt, **fir alleguer déi Mataarbechter a Mataarbechterinnen** déi **duerch valabel Ursaachen** net zu 100% an een vun de proposéierten Tableaux erapasst, **Léisungen ze fanne**, fir dass deenen Constraintë Rechnung ze droen.

Dofir maachen mir elo en **Appell**, dass sämtlech **Kolleegen an Kolleginnen déi fondéiert Constrainten** hunn, sech **direkt solle beim Quentin Fressigné melle**, fir ze kucken **déi bescht méiglech Léisung** ze fannen, déi **deenen Constrainten dann och Rechnung dréit**. Bis elo ass den Exercice schonns mat e puer Mataarbechter a Mataarbechterinne gemaach ginn.

Falls dir Froe sollt hunn, kënt dir lech roueg béi eis mellen. Mir si fir lech do !




Dionisio BATTISTA
Délégué titulaire



Jérôme TRAUSCH
Délégué titulaire



Nick WEYLAND
Délégué suppléant



Eldin DURAKOVIC
Délégué suppléant



Henri Klein



Giuseppe Papillo



Franklin Zinga Casemiro



Dany Machado Oliveira

ZESUMMEN - MÉI GROUSS - MÉI STAARK